PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Konzessiounsverträg mat Tankstellebedreiweren op ausgewielten Autobunnstankstellen no un der Grenz suergen all Joer fir staatlech Recetten iwwer 60 Milliounen Euro. Konkret gëtt an dëse Kontrakter festgehalen, dass e gewësse Prozentsaz vum Chiffre d'affaires un den Zentralstaat muss iwwerwise ginn als Contrepartie fir d'Recht dës strategesch gutt positionéierten Tankstellen ze bedreiwen.

Dës Kontrakter ginn och no engem predefinéierten Zäitraum ëmmer erëm nei ausgeschriwwen, esou dass all d'Acteuren am Secteur d'Chance dann hunn hei mat enger kompetitiver Offer de Kontrakt ze kréien. De Prozentsaz, deen un den Zentralstaat iwwerwise gëtt, ass hei e Facteur deen Deel vun der Offer ass, also e Facteur deen negociéiert gëtt.

Eisen Informatiounen no, ass bei der rezenter Attributioun vun der Tankstell op der Aire de Capellen eng Offer ugeholl ginn, déi e méi wéi duebelt esou héische Prozentsaz virschléit. Op den éischte Bléck bedeit dat méi Recette fir den Zentralstaat. Opbauend op eisen Informatiounen, fuerdert de selwechte Bedreiwer awer elo och vun der Industrie, z.B. der Tubaksindustrie, en erhéichte Bäitrag fir dass hir Produiten an de Rayone verkaf ginn. Verschidde Gruppen aus den jeeweilegen Industrien sinn eisen Informatiounen no ofgesprongen, esou dass dës Produiten dann net méi am Rayon verkaf ginn. Esou erginn sech potenziell manner Recettë fir de Bedreiwer an domat och fir den Zentralstaat. Zousätzlech ergëtt et dëst am Rayon och eng Offer, déi net méi den Undeeler um Marché (Parts de marché) an der Demande entsprécht, wat eng vun de Konditiounen ass déi esou e Bedreiwer sollt erfëllen. Wann ee bedenkt dass och weider Kontrakter elo ausgeschriwwe ginn Ufank des Joers, kann dës Problematik an dëse Risiko, falls déi selwecht Konditioune proposéiert ginn,sech amplifiéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Ministère Kenntnis vun dem beschriwwenen Virgang, de proposéierte Konditiounen an hypotheetesche Konsequenzen?
2. Wéi huet sech déi genannte Recetten an de leschte 5 Joer entwéckelt?
3. Wéi ginn dës Recetten der Administratioun iwwerwisen, pro Mount, semestriell oder op eng aner Manéier?

4. Geet et an déi beschriwwen hypotheetesch Richtung, huet de Ministère a senge Berechnunge vum Budget 2025 eng Baisse vun de Recettë mat aberechent?

5. Wäerte bei enger signifikanter Baisse vun de Recetten dës kontraktuell Konditioune reviséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten